N°1224
Entrée le 23.09.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.09.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/09/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Wéi d'Fuerer am Kordall an de leschten Deeg bemierkt hunn, sinn aktuell eng Villzuel u Schantjeeën op de Stroossen amgaangen, dorënner am Tunnel Biff (A13) a parallel dozou och nach op der Lénger Strooss (CR111) a Nidderkuerer Strooss (CR175). Dëst huet, zum Beispill de Mëttwoch, zu vill Stau a Waardezäiten gefouert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat goufen et zäitgläich dräi Schantjeeën op dräi Haaptverkéiersachsen?
2. Wéi eng Aarbechten goufen op deene jeeweilege Stroossen duerchgefouert?
3. Gouf sech am Viraus koordinéiert, fir déi 3 Schnatjeeën parallel lafen ze loossen?
4. Wéi hunn d'Ponts&Chaussées sech mat der Verantwortleche vun der Gemeng Péiteng koordinnéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten